Wuesstum, d'Realisatioun vun engem eenheetlechen europäesche Bannemaart fir d'Energie, den Dossier Klima, Energie an esou weider an esou weider.

Nieft dem Trio-Programm definéiert all Land natierlech och seng eege Prioritéite fir déi sechs Méint un der Spëtzt vum EU-Conseil. Mir orientéieren eis fir eise Programm um Kommissiounspresident Juncker sengem Zéngpunkteprogramm a mir waarden op de legislative Programm vun der Kommissioun, deen den Ament nach, wéi Der wësst, an der Maach ass, fir d'nächst Joer eis national Prioritéite festzehalen.

Dorënner falen, ënner anerem, de Renforcement vum Bannemaart, virun allem am Energieberäich, den Achèvement vum digitale Bannemaart an den Telekomspak, den Dossier Immigratioun, dee wichteg ass, an d'Schafe vun engem sozialen Europa. Eis Présidence wäert och am Zeeche vum Europäesche Joer fir Entwécklung stoen.

Mir kucken der Présidence mat Zouversiicht entgéint. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer och dës Kéier et fäerdegbréngen, d'Unioun virunzebréngen, mat groussem Dévouement a mat eiser déiwer europäescher a multilateraler Iwwerzeegung.

D'Präsenz am UNO-Sécherheetsrot, Här President, huet der Lëtzebuerger Aussepolitik eng nei Dimensioun ginn. Mir hunn do ganz vill bäigeléiert an och aktiv matgehollef, déi Problemer an Erausfuerderungen, déi sech stellen, och unzehuelen. Elo, wou déi nächst grouss Prioritéit, eis Présidence vun der Europäescher Unioun, op eis waart, wäert eis dës Experienz och nëtzlech sinn. Mir wäerten eis an der Regierung d'Fro stellen, ob mir dëse groussen Défi nach eng Kéier wëlle widderhuelen. Fir mech wier dat absolut derwäert an ee gudden Investissement an d'Visibilitéit an an d'Kredibilitéit vun eisem Land um internationale Plang.

An der Zwëschenzäit hu mir eis eng nei Erausfuerderung ginn, déi op eisem staarken a laangjährege Engagement fir d'Mënscherechter baséiert. Mir hunn eis Kandidatur, fir 2022 bis 2024 eng éischte Kéier Member vum UNO-Mënscherechtsrot ze ginn, gestallt.

Här President, de Multilateralismus ass eng Konstruktioun, an där d'State souzesoen Zille sinn. Wann déi Zillen zerbriechlech ginn, a virun allem, wann den Zement, deen déi Zillen zesummenhält, also d'Vertrauen an déi aner Akteuren an an de System selwer, bréckelt, dann ass déi ganz Konstruktioun a Gefor a riskéiert an de Koup ze falen.

Dëst Joer huet eis gewisen, dass mer permanent mat all eise Partner mussen un der Stabilitéit vum internationale Rechtskader schaffen, fir dass Fridden a Sécherheet an Europa an doriwwer eraus fir d'Generatioune vun eise Kanner kënne garantéiert ginn. Mir sinn houfreg, dass mir an deenen zwee leschte Joren e puer Paletten Zement an deem Sënn konnte liwweren.

An ech wëll hei net ofschléissen, Här President, ouni der Madame Sylvie Lucas, eisem Ambassadeur op der UNO, an hirer ganzer Équipe zu New York e grousst an en éierlecht Luef auszedrécke fir hir wonnerbar Aarbecht. Lëtzebuerg huet vill Luef kritt zu New York vu ville Länner vun alle Kontinenter. An ech mengen, dat deet gutt fir eis Lux-Séilen.

Merci villmools!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Ausseminister fir seng Deklaratioun. Muer de Mëtteg, vun zwou Auer un, wäerte mer d'Debatten iwwert déi Deklaratioun féieren.

Mir géifen dann elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6664, e Protokoll zum internationale Pakt zu de wirtschaftlechen, sozialen a kulturelle Rechter. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur, den Här Marc Angel.

5. 6664 - Projet de loi portant approbation du Protocole facultatif se rapportant au Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels, adopté par l'Assemblée générale des Nations Unies à New York, le 10 décembre 2008

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, mech ganz kuerzzefaassen, well ech wëll no där exzellenter Ried hei vum Ausseminister wierklech kuerz sinn.

A well mer dee Projet hei och ganz am Detail den 20. Oktober an der Kommissioun, an der aussepolitescher Kommissioun behandelt an diskutéiert hunn, an och de Rapport ass gutt ugeholl ginn, dofir kann ech soen, dass dëse Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels adoptéiert ginn ass de 16. Dezember 1966, zesumme mat engem anere Pakt, de Pacte international iwwert d'zivil an d'politesch Rechter. An déi zwee Pakte sinn deemools vun 160 Länner ratifizéiert ginn, fir ebe consacréiert Rechter aus der universaler Mënscherechtserklärung vun 1948, fir dass déi applikabel gemaach konnte ginn, déi Rechter.

D'sozial Rechter, d'kulturell Rechter an d'ekonomesch Rechter sinn zum Beispill Rechter, d'Recht op Aarbecht, d'Recht op gesond a juste Aarbechtskonditiounen, och d'Recht op eng Santé physique et morale, all déi sinn an deem Pakt do mat dran.

Dëse Pacte international iwwert déi ekonomesch a sozial Rechter, dee gesäit och e Mécanisme de surveillance vir, an dee Mécanisme de surveillance gëtt gemaach am Comité économique et social, dem ECOSOC. Dëse Mechanismus ass awer net effikass genuch, fir de Schutz an de Respekt vun deene Rechter ze garantéieren. An am Contraire zu deem anere Pakt, wou déi zivil a politesch Rechter dra sinn, gëtt et och kee Mécanisme de contrôle, deen e Mécanisme de communication ass.

Dofir ass dëse Protocole facultatif, dee mer haut unhuelen, ausgeschafft ginn. En ass den 10. Dezember 2008 adoptéiert ginn an e mécht et méiglech, dass esou e Mécanisme de plainte beim Comité des droits économiques, sociaux et culturels agereecht ka ginn.

De Protocole facultatif ass säit dem 5. Mee 2013 en vigueur. 45 Länner hunn e signéiert, 17 ratifizéiert an dorënner fënnef EU-Länner. De Contenu vum Protokoll, deen erlaabt d'Kreatioun vun dräi internationale Procédures non juridictionnelles, fir de Schutz vun den ekonomeschen, sozialen a kulturelle Rechter ze garantéieren.

(Brouhaha)

An de Projet de loi, also dëse Protokoll erlaabt dräi Prozeduren, eng Procédure de communication individuelle, fir eenzel Persounen, déi sech an hiren ekonomeschen, sozialen a kulturelle Rechter léséiert fillen. Eng zweet Prozedur ass eng Procédure de communication interétatique, am Benefiss vun deenen anere Länner, déi Partie si vun dësem Protokoll.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift, Kolleegen, et ass ganz schwéier fir de Rapporteur bei deem Gegrommels...

(Hilarité)

M. Marc Angel *(LSAP), rapporteur*.- Ech si bal um Schluss. An dann nach eng Prozedur, déi et dem Comité selwer erlaabt, Enquêten opzemaachen.

De Statsrot seet iwwregens a sengem Avis, positiven Avis zu dësem Projet, dass et sech bei deenen dräi Prozeduren ëm näischt Neies handelt. De Statsrot huet nach eng kleng Textännerung, Formulatioun am Artikel 2 virgeschloen, déi d'Kommissioun och ouni Weideres ugeholl huet. Och ons Lëtzebuerger Commission consultative des droits de l'Homme notéiert an hirem Avis mat Satisfaktioun, dass d'Regierung dat heite mécht, a begréisst also dëse Projet de loi.

An ech mengen, dat gesot, wäert ech am Numm vun der LSAP och den Accord ginn an ech hoffen, dass d'Kolleeginnen an d'Kolleegen dat nämlecht maachen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. Éischte Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

M. Serge Wilmes *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt just Merci soen dem Rapporteur Marc Angel fir säi Rapport, deen e gemaach huet, wou en och alles am Detail erkläert huet, ëm wat et hei geet.

En hat de Statsrot ugeschwat, säin Avis. Do huet de Statsrot dann och betount an deem Avis, datt et hei net ëm e contraignantë Charakter geet. Dat heescht, déi Recommandatiounen, déi vun deem Comité formuléiert ginn, déi wäerten net dozou féieren, datt e Land dat muss ëmsetzen.

An en huet och preziséiert, datt et net en Transfert ass vu Pouvoire vun der Lëtzebuerger Verfassung, vu Lëtzebuerg, also zum Beispill déi judiciaire Pouvoiren, hin op en internationaalt Organ, esou wéi dat am Artikel 49bis vun der Verfassung steet. Dat heescht, et ass keen esou en Transfert vun Droits souverains hin op, an deem Moment dann, eben e Gremium vun der UNO.

Dat nach just dozou gesot. An ech bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun dozou.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wilmes. Weider Wuertmeldungen? Den Här Adam.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech wëll mech och kuerzhalen. Et ass mer awer trotzdeem derwäert, e puer Wuert zu deem Protokoll hei ze soen.

Mir begréissen et als Gréng, datt mer de Protocole facultatif, deen den internationale Pakt iwwer ekonomesch, sozial a kulturell Rechter betrëfft, ratifizéieren. Dësen internationale Pakt, dee geet jo schonn op de 16. September 1966 zréck, wou e vun der UNO-Vollversammlung adoptéiert ginn ass. An hei geet et ëm esou wichteg Saache wéi d'Recht op Aarbecht, d'Recht op medezinesch Versuergung, Éducatioun, Alimentatioun, Drénkwaasser an esou weider. Dës Rechter ginn op déiselwecht Basis gesat wéi déi aner Mënscherechter an dat ass och gutt esou!

Mat dem Zousazprotokoll, dee mer mam Gesetz vun haut votéieren, schafe mer eng international Plattform. De Rapporteur huet dat gesot, deem ech dann och hei wëll Merci soe fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport. An déi Plattform, do ass en Expertegrupp vun der UNO, an un dee kënne sech dann d'Leit wenden, déi an hirem Land aus verschiddenen Ursaache kee Gehéier fonnt hunn, wéi se sech mat hirer Plainte un d'Justiz aus hirem Land gewannt hunn.

Amnesty International gëtt och Beispiller, wat dann esou Plaintë kéinte sinn. E Beispill wär an Nigeria, wou d'Regierung sech iwwer e Geriichtsbeschloss ewechgesat huet, e Geriichtsbeschloss, dee verbueden hat, fir e ganze Landstréch ze demoléieren an 13.000 Leit, Männer a Fraen, déplacéiert huet, ouni hinnen eng anstänneg Entschiedegung ze ginn.

En anert Beispill, wat vun Amnesty ugefouert gëtt, ass a Slowenien, wou ganz vill Roma-Famillje keen Zougang haten zu Waasser an zu Ofwaasser. An de Stat huet och do hinnen hir Rechter net zougestan.

E lescht Beispill, wat Amnesty ugefouert huet, ass dann och an den USA, wou eng ganz Rei Fraen, besonnesch Fraen aus schwaache soziale Kreesser, net Zougang hunn zu deene medezinesche Rechter, wat hir Grossesse heiansdo a Schwieregkeete bruecht huet.

Duerfir si mir als Gréng mat der Commission consultative des droits de l'Homme averstanen, datt dëse Protokoll e wichtege Schratt ass, fir op dem internationale Plang d'Mënscherechter ze garantéieren. An ech sinn duerfir och frou, den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President, an och vun eiser Säit aus e grousse Merci un den Här Angel fir e ganz komplette Rapport.

Eis Sensibilitéit an dëser Fro ass natierlech och ëmmer déi vun de Souveränitéitsrechter vun eisem Land, ob mer déi oftrieden. Wa jo, mat wéi enger Majoritéit musse mer hei décidéieren? Wéi eng Konklusiounen oder wéi eng Konsequenze sinn eventuell mam Oftriede vu Souveränitéitsrechter verbonnen? Ass dat dann temporär, wéi d'Verfassung et erlaabt, oder ass et net temporär?

Mir hunn also mat grousser Suergfalt den Avis vum Conseil d'État studéiert a mat aller Virsiicht schléisse mer eis deem un, fir ze soen: Hei sinn ebe keng Souveränitéitsrechter tangéiert, déi mer géifen ofginn. An dofir kënne mer eis dann och dem Avis vum Rapporteur uschléissen an dëse Gesetzesprojet matstëmmen.

Ech sinn awer e bëssen duerjerneen elo wéinst deem, wat den Här Adam gesot huet iwwert d'Situatioun a Slowenien. Slowenien huet deen heiten Accord, Zousazprotokoll, zwar ënnerschriwwen, huet en awer net ratifizéiert. Dann ass also vläicht eng gewëssen Onsécherheet an deene Räsonnementer, déi hien eis do virgedroen huet. Mä dat kéint een nach kucken.

Villmools Merci, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Nächste Riedner ass den Här Serge Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci. Den Exposé des motifs vun deem heite Gesetz weist zu Recht op déi kontroverséiert Entstehungsgeschicht vun deenen zwee Haaptmënscherechtstraitéen hin, déi sech baséieren op d'Déclaration universelle des droits de l'Homme vun der UNO vun 1948. Laang ass et eng ongläich Behandlung ginn tëschent deenen zwee Pakten, éischtens deem vun den zivillen a politesche Rechter, dem PIDCP-Pakt, an zweetens deem vun den ekonomeschen, sozialen a kulturelle Rechter, dem PIDESC-Pakt, ëm deen et hei geet.

Obschonn déi zwee Pakte gläichzäiteg am Joer 1966 ugeholl gi sinn an 1983 zu Lëtzebuerg ratifizéiert gi sinn, hu se zwee ongläich Statuter. Während deen éischten de Leit Rechter direkt zougesteet, garantéiert deen zweeten déi Rechter virun allem iwwert de Wee vun de Staten.

A bis 1985, wou de Comité des droits économiques et sociaux an d'Liewe geruff ginn ass, a bis 2008, wou dee Comité elo och sollt konkret Iwwerwaachungsrechter vis-à-vis vun de State kréien, an dat ass deen Traité, dee mer haut ëmsetzen, waren déi Staten, déi de PIDESC ënnerschriwwen haten, kenger Kontroll ënnerworf.

Dat ännert sech elo. Privatleit oder hir Vertriederorganisatioune kënnen, nodeem hir intern Recoursen an de Staten ofgewise gi sinn, eng Plainte bei deem Comité maachen. Datselwecht gëllt fir d'Staten ënnereneen. De Comité kritt och en Enquêtërecht vis-à-vis vun de Staten, wat awer am Prinzip nëmmen e vertraulecht Recht ass, wat am Prinzip och net public gemaach gëtt.

Nach net ganz gekläert ass d'Fro vum Effet direct vum Contenu vum PIDESC virun nationale Geriichter. Laut dem PIDESC-Comité soll zwar do, wou de Stat eng negativ Obligatioun kritt, dat heescht, eng Obligatioun kritt, eppes ze ënnerloossen, wat géint de PIDESC-Traité verstéisst, déi Obligatioun och vu Privatleit kënne virun den nationale Geriichter invoquéiert ginn. Dat ass eng Feststellung, déi de Comité an e puer vu senge Konklusioune gemaach huet.

E seet och - dee Comité -, d'State missten och d'Obligatioun hunn, fir d'Netdiskriminéierung vun de Bierger an alle Fäll ze respektéieren an, wat menger Meenung no eng wichteg Preziisioun ass, d'Netregressivitéit vun de Rechter ze assuréieren, déi et scho gëtt. Dat heescht, dass Rechter, déi scho bestinn am nationale Recht, net kënnen no hannen erëm zréckgedréit ginn.

Méi problematesch ass d'Fro, wat d'Schafung vun neie Rechter, deene sougenannten „positive Rechter", am nationale Recht ugeet. Wann déi net prezis genuch am Pakt formuléiert sinn, gëtt et do e Problem, fir hinnen en Effet utile vun deene Rechter am interne Recht zouzegestoen. Dat ass eng Jurisprudenz, déi a franséisch Geriichter notamment, am Conseil d'État a Frankräich schonn e puermol ugewannt ginn ass.

Eppes ass awer, mengen ech, ganz wichteg, wat deen Traité hei ugeet, an dat steet och am Exposé des motifs, an zwar, dass zënter der Deklaratioun vu Wien am Joer 1993, och eng UNO-Deklaratioun, am Kader vun der UNO, an do eréischt konnten d'Aarbechte richteg lassgoen, wat deen Zousazprotokoll hei ugeet, do ass zu Wien deemools festgehale ginn, dass all d'Mënscherechter, ob se elo vun der éischter oder vun der zweeter Kategorie sinn, ob et sech ëm politesch an zivil Rechter handelt oder ëm kulturell a sozial Rechter, dass all Rechter universell sinn, dat heescht, iwwerall gëllen, dass se indivisibel sinn, dat heescht, net ënnereneen opgedeelt kënne ginn, an dass se interdépendant, dat heescht, ënnereneen ofhängeg sinn.

An ech mengen, dat ass eng wichteg Constatatioun an dat betrëfft och d'Aarbechten an eiser Verfassungskommissioun, wou jo d'Mënscherechter am aktuellen Entworf vum Traité opgedeelt gi sinn an Droits fondamentaux a Libertés publiques an an Objectifs à valeur constitutionnelle. An zu deene leschte gehéieren déi meescht sozial Rechter. An déi verschidde Rechter kréien awer e juristesche Status, dee verschidden ass. Esou sinn zum Beispill d'Objets à valeur constitutionnelle, dat heescht, d'sozial Rechter, net individuell aklobar, esou wéi den Entworf et de Moment vun der Verfassung virgesäit. Dat ass eendäiteg manner wéi dat, wat mer hei ofstëmmen.

Eis Rechter am Verfassungsentworf si manner staark formuléiert wéi dat, wat mer hei ofstëmmen. A mer fillen eis duerfir och an eiser Kritik bestätegt. Mir hunn nach de Moien op enger Pressekonferenz zur Verfassungsreform gesot, dass d'Mënscherechter misste vill méi staark formuléiert ginn an der Verfassung respektiv dass op d'mannst eng Klausel misst drakommen, déi sougenannt „Pro-homine-Klausel" -

an an déi Richtung gëtt och diskutéiert an der Kommissioun -, wou drasteet, dass déi international Rechter, déi méi wäit ginn, missten e Rang kréien, deen iwwer eiser Verfassung steet. An ech mengen, dass dat och déi richteg Richtung ass, an déi mer sollte goen.

Domat wëll ech hei meng Interventioun ofschléissen. Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Urbany. Dann den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas *(DP).*- Merci, Här President. Ech mengen, och wann et sech hei ëm e ganz klengt Gesetz handelt, sou muss een awer drop hiweisen, datt een direkte Lien zu der Déclaration universelle vun de Mënscherechter besteet. Dat ass eppes ganz Wesentleches.

Duerfir si mer och frou, datt d'lëtzebuergesch Regierung zu deene 45 Signatairë vun deem Protokoll do gehéiert. A mir si jo nieft deene 17 Länner, déi scho ratifizéiert hunn, elo dat 18. Land. Et ass also e klengen, wichtege Schrëtt, dee mer hei ënnerhuelen.

Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéieren, dem Marc Angel nach e Merci auszesprieche fir säi mëndlechen an och schréftleche Rapport, a gi selbstverständlech och den Accord vun der DP zu dësem Gesetzestext.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an d'Wuert huet den Här Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- D'Regierung ass am Aklang mat der Chamber.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci. Dat war kuerz a prezis. A mir kënnen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6664 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

De Projet de loi 6664 ass ugeholl mat 60 Stëmmen, also unanime.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote?

(Assentiment)

Merci.

Domat si mer um Enn vun eisen Aarbechten a Rendez-vous hu mer muer de Mëtteg um zwou. Merci.

(Fin de la séance publique à 16.23 heures)

SÉANCE 9

MERCREDI, 26 NOVEMBRE 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
2. Mots de bienvenue aux membres de la délégation du parlement de Rhénanie-Palatinat
   - *M. Mars Di Bartolomeo, Président*
3. Débat sur la politique européenne et étrangère
   - *Débat: M. Laurent Mosar, M. Marc Angel, Mme Anne Brasseur, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany (dépôt d'une motion)(M. Jean Asselborn intervient)*
   - *Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (M. Laurent Mosar intervient)*
   - *Motion 1: M. Laurent Mosar, M. Marc Angel, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes (la motion est renvoyée en commission)*
4. Programmation des réunions de commission
   - *M. Michel Wolter, M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Eugène Berger*
5. Question élargie n°3 de M. Claude Adam sur les réfugiés et les demandeurs de protection internationale
   - *M. Claude Adam - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes - M. Claude Adam*

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Jean Asselborn, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech maachen d'Sëtzung op, et je tiens à saluer les représentants du corps diplomatique.

2. Mots de bienvenue aux membres de la délégation du parlement de Rhénanie-Palatinat

Darüber hinaus habe ich die Freude, eine vierköpfige Delegation des Landtages Rheinland-Pfalz mit Vizepräsidentin Hannelore Klamm an der Spitze herzlichst im Luxemburger Parlament zu begrüßen.

Ech wollt dann d'Regierung froen, Här Ausseminister, ob Dir eng Kommunikatioun ze maachen hutt.

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes.*- Dat ass net de Fall, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Majo, da kënne mer direkt zum Débat iwwert d'Europa- an Aussepolitik iwwergoen. Do ass d'Riedezäit nom Modell 2 festgehalen. Ech hunn d'Inscriptioun vun de mandatéierte Spriecher virleien. Wann nach ee Riedner sech wëllt mellen, soll en dat wann ech gelift elo direkt maachen.

D'Wuert huet dann direkt den éischte Riedner, de Vertrieder vun der CSV, den Här Laurent Mosar.

3. Débat sur la politique européenne et étrangère

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Ausseminister, där Debatt, déi mer haut de Mëtteg hei wäerte féieren, mengen ech, kënnt an dësem Joer eng ganz besonnesch Bedeitung zou, well déi Welt, an där mer liewen, a ganz ville vun hire Regiounen opgewullt ass. 100 Joer nom Ufank vum Éischte Weltkrich a quasi 70 Joer nom Enn vum Zweeten ass d'Angscht virun engem Kale Krich erëm haut esou akut wéi scho laang net méi säit dem Zesummebroch vun der fréierer Sowjetunioun.

Wann ee sech dobausse mat de Mënschen ënnerhält, spiert een, datt eng reell Angscht virun engem Krich a ganz ville Käpp präsent ass, an dat net nëmme bei eisen eelere Matbierger, mä och ëmmer méi jonk Leit stelle sech berechtegt Froen iwwer Krich a Fridden am Ufank vum 21. Jorhonnert.

Ech si frou, haut erëm dierfen den aussepolitesche Spriecher vu menger Fraktioun ze sinn, dat no enger klenger Paus vu véier an engem hallwe Joer, wou ech awer ëmmer mat ganz vill Interessi, Här President, vun Ärer Plaz aus dëser Debatt nogelauschtert hunn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Esou wéi ech dat och däerf maachen.

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Erlaabt mer, ier ech in medias res kommen, awer fir d'Éischt nach eng Rei vu Mercie lasszeginn. En éischte Merci geet un eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, deen, esou fanne mir, eist Land dobaussen an Europa, awer och doriwwer eraus dignement representéiert an dat mat ganz vill Engagement an Häerzblutt mécht.

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Derniewent fënnt den Ausseminister ëmmer erëm Zäit, fir d'aussepolitesch Kommissioun um Lafende vun enger ëmmer méi schneller Aktualitéit ze halen, an ech fannen eigentlech, datt do vill vu senge Kolleegen an der Regierung sech kéinten un him e positivt Beispill huelen.

(Brouhaha)

Erlaabt mer, Här Ausseminister, dann awer vläicht eng kleng Suggestioun, déi awer ganz léif gemengt ass: Ech héieren lech schrecklech gär an den internationale Medien iwwert d'Aussepolitik schwätzen, héieren dat vill léiwer, wéi wann Der bei der Madame Anne Will iwwer Bréifboîtten hei zu Lëtzebuerg schwätzt.

(Interruptions et brouhaha)

En zweete Merci geet un d'ganz Équipe vun eiser Représentatioun zu New York bei de Vereenten Natiounen, déi, fanne mir, eng exzellent Aarbecht am Kontext vun eiser Memberschaft am Sécherheetsrot gemaach huet. Oft ass an deene leschten Deeg vun engem schlechten Image vun eisem Land dobausse geschwat ginn. Abee, ech mengen, datt d'Aarbecht vun der Équipe ëm d'Sylvie Lucas sécherlech zu enger ganz gudder Reputatioun vun eisem Land an internationale Kreesser bäigedroen huet.

En drëtte Merci geet un de President vun der aussepolitescher Kommissioun, de Marc Angel, dee mat ganz vill Engagement a Fangerspëtzegefill d'Aarbechte vun dëser Kommissioun leet...

Une voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- ...an deem et och ni e Moment ze fréi oder ze spéit ass, fir seng Kommissioun anzeberuffen. Ech fannen - dat ass meng perséinlech Meenung -, datt hien eigentlech e ganz würdegen Nofolger vun eisem laangjährege President, dem Ben Fayot, vun dëser aussepolitescher Kommissioun ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- E leschte Merci - an et ass elo net, well ech dee fir d'Lescht...

Une voix.- Gi mer erëm zesummen?

(Hilarité générale)

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Also ech sinn nach net fäerdeg mat menger Ried, also kommt!

(Brouhaha)

E leschte Merci geet dann awer un den austriedende President vum Benelux-Parlament, eise Frënd Marcel Oberweis, deen op eng onermiddlech Aart a Weis och ëmmer präsent ass an deen d'Aarbechte vum Benelux-Parlament op eng exzellent Manéier geleet huet. Säi Mandat leeft elo of. Vun dëser Plaz aus e grousse Merci un de President an och un alleguerten d'Membere vun dësem eminente Parlament, deem seng Importenz heiansdo net richteg - och vun dësem Haus - ageschat gëtt, Här President.

Plusieurs voix.- Ouh?!

M. Laurent Mosar *(CSV).*- Sou, no all deene Mercie géif ech dann awer elo ufänke mat menger Rees duerch d'welt- an d'europapolitesch Aktualitéit, net ouni awer direkt ze preziséieren, datt ech, Här Ausseminister, net esou extensiv hei kann a wëll si wéi Dir, mä datt ech mech op eng Rei vu ganz besonnesch wichtege Punkte wäert limitéieren, wat awer natierlech net heescht, datt all déi net behandelt Punkten onwichteg wären. Ier ech awer mat menger Rees ufänken, eng Rei méi allgemeng Iwwerleeungen:

Fir d'Alleréischt: Den europäesche Sécherheetssystem, dee säit 1989 besteet, baséiert op där enger Säit op der Fräiheet an der Souveränitéit vun de fréiere Satellittestate vun der Sowjetunioun an op där anerer Säit op dem Partenariat zwëschen NATO a Russland. Dëse Sécherheetssystem ass säit den Evenementer an der Ukrain an der Annexioun vun der Krim duerch Russland gehéierlech duerjerneegerëselt ginn. Op där anerer Säit hunn déi jeeweileg Kricher, déi nom Nine-Eleven ugestiwwelt gi sinn, ganz besonnesch am Noen Osten dës ganz Regioun och an Onrou bruecht.

Mir liewen haut an enger multipolarer Welt, déi vill méi onsécher a geféierlech ginn ass, a mir mussen eis bewosst sinn, datt de Risiko vun Affrontementer a Kricher substanziell an deene leschte Méint a Jore gewuess ass.

Ier ech op de Fong vu menger Interventioun aginn, wëll ech sechs méi allgemeng Feststellunge maachen, déi déi aktuell ugespaante Situatioun a ville Regioune vun der Welt erklären an déi zesummegeholl och zumindest usazweis Léisunge kënnen opzeechnen: